DETEKTIVEN?

Laang hu Wëssenschaftler geduecht, datt Vulle ganz schlecht riche kënnen. Ganz vill Experimenter hunn awer de Géigendeel bewisen. Muench Vullen (ë. a. Kiwi, Routkappgeier, Stuermvullen) verloosse sech esouguer haaptsächlech op hire Gerochsënn, wa si eppes fir ze friesse sichen. Déi verschidde Gerécher ginn an der Nues opgeholl an un d' Richkolbe weidergeleet. Vullen, déi ganz gutt richen, hunn dowéinst och grouss Richkolben.

Wéi gouf de Gerochsënn beim Kiwi nogewisen? De Kiwie goufen zwee Eemere mat Buedem virgesat. A just engem Eemer ware Wierm, déi mat fiichtem Buedem bedeckt waren. Dowéinst konnten d'Kiwie se net gesinn. Trotzdeem hunn d'Kiwie mat hirem Schniewel just an den Eemere mat de Wierm gewullt.

Well an der Spëtzt vum Kiwi sengem Schniewel ganz vill Nerve sinn, spillt den Taaschtsënn och eng Roll, wa si eppes fir ze friesse sichen.

Kiwie sinn an der Nuecht aktiv an hunn dowéinst just ganz kleng Aen. Viru kuerzem gouf an Neuseeland esouguer nogewisen, datt blann Kiwien ouni Problemer an der Natur iwwerliewe kënnen.

Stuermschwuewelen bréien an Hielen am Buedem oder a klengen Hielen a Fielsen. Wéi Experimenter gewisen hunn, fannen dës nuetsaktiv Vullen hir Bréiplaze just duerch hire Gerochsënn. Welleleefer (Hydrobates leucorhous), bei deenen de Gerochsnerv duerchgeschnidde gouf, fléien net méi bei hir Bréihielen zeréck.

Aner Experimenter hu gewisen, datt Stuermvulle Krill esouguer iwwer eng Distanz vu bis zu 25 km riche kënnen. Gëtt de Plankton vu Kriibsen giess, dann entstinn Schwiewelverbindung, déi vun de Stuermvulle festgestallt ginn.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.